N°103
Entrée le 13.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Joer 2019 huet déi deemoleg Justizministesch fir d'Gebuertsdagsfeier vun der Kannerrechtskonventioun virum *Comité des droits de l'enfant de l'ONU* declaréiert, dass Lëtzebuerg sech géif e gesetzlesche Kader ginn, dee verhënnert, dass Kanner a Prisongen fir Erwuessener ënnerbruecht ginn. Haut, véier Joer méi speit, ass en entspriechend Gesetz nach net gestëmmt ginn.

Wéi de Presseservice vun der Justiz den 12. Dezember 2023 gemellt huet, gouf dofir rezent och nees e Mannerjärege vum Parquet vu Lëtzebuerg an de Prisong vu Schraasseg placéiert, well déi aktuell Gesetzgebung dat nach erlaabt an an der Sécherheetsunitéit vun Dräibuer keng Plaz war. Den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher betount iwwerdeems ëmmer nees, dass Mannerjäreger net a Prisonge fir Erwuessener placéiert dierfte ginn an et fir eng Upassung vun de Gesetzer an den entspriechenden Infrastrukturen héich Zäit gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mannerjäreger goufen zu Lëtzebuerg säit 2019 an engem Prisong fir Erwuessener ënnerbruecht?
2. Wéi een zäitleche Kader huet sech déi nei Regierung ginn, fir d'Aarbechten un der neier Gesetzgebung fir de Jugendschutz an d'Jugendstrofrecht endlech ofzeschléissen?
3. Hält déi aktuell Regierung un de Pläng vun der viregter fest, dass et e Centre pénitentiaire zu Dräibuer an eng Dezentraliséierung vum CSEE soll ginn?
   Falls jo: Bis wéini sollen all dës Infrastrukture fäerdeg an operationell sinn?
   Falls nee: Wéi gesinn der aktueller Regierung hier Pläng aus?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE an dem Här Minister fir Bildung, Kanner a Jugend Claude MEISCH zu der parlamentarescher Fro n°103 vum 13. Dezember 2023 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN iwwer d'Ënnerbréngung vu Mannerjäregen an engem Prisong fir Erwuessener**

1. **Wéi vill Mannerjäreger goufen zu Lëtzebuerg säit 2019 an engem Prisong fir Erwuessener ënnerbruecht?**

Déi gefroten Zuele befanne sech an der Tabell heidrënner:

| | |
|---:|---:|
| 2019 | 0 |
| 2020 | 1 |
| 2021 | 8 |
| 2022 | 11 |
| 2023 | 7 |
| **Total:** | **27** |

2021 war ee Mannerjäregen zweemol an engem Prisong fir Erwuessener an ass dofir och zweemol an der Tabell mat abrechent.

2. **Wéi een zäitleche Kader huet sech déi nei Regierung ginn, fir d'Aarbechten un der neier Gesetzgebung fir de Jugendschutz an d'Jugendstrofrecht endlech ofzeschléissen?**

Den zäitleche Kader fir d'Aarbechten un der neier Gesetzgebung läit net alleng an der Hand vun der Regierung. Ziel ass awer, esou wei dat och am Regierungsprogramm virgesinn ass, déi Aarbechten esou schnell wéi méiglech ofzeschléissen.

**3. Hält déi aktuell Regierung un de Pläng vun der viregter fest, dass et e Centre pénitentiaire zu Dräibuer an eng Dezentraliséierung vum CSEE soll ginn?**

**Falls jo: Bis wéini sollen all dës Infrastrukture fäerdeg an operationell sinn?**

**Falls nee: Wéi gesinn der aktueller Regierung hier Pläng aus?**

D'Regierung hält un dëse Pläng fest.

D'Planung vun dem neien Jugendprison (Centre pénitentiaire pour mineurs) kënnt gutt virun an éischt bautechnesch Mesuren missten direkt kënnen ufänken soubal déi nei Gesetzgebung bis do ass.

D'Dezentraliséierung vum CSEE ass ee Prozess dee schonn amgaangen ass. 2020 ass an dësem Kontext eng wichteg Etapp mat der Ouverture vun engem Wunngrupp zu Buerglënster geholl ginn. Am Moment gëtt un engem weidere Projet geschafft, dee bis 2026 kéint realiséiert ginn. Dësen géif erlaaben weider Deeler vum CSEE ze dezentraliséieren.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue